Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/07/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Digitalisatioun weiderzeleeden.**

L'essentiel informéiert an engem Artikel vun haut iwwert eng Sécherheetslück bei Microsoft. Betraff ass d'Software Sharepoint an et goufe vereenzelt Hackerattacken op staatlech Serveren an deene vu Betriber. Microsoft huet d'Sécherheetsproblemer och scho bestätegt an

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Sinn och staatlech Serveren zu Lëtzebuerg vun dëser Sécherheetslück betraff gewiescht? Falls jo, wéi eng Verwaltunge waren hei betraff?
2. Ass gewosst, ob och Lëtzebuergesch Betrieber vun der Sécherheetslück impaktéiert goufen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten